



# De Lëtzebuerger Militär an Ex-Militär

ORGANE DE L'ASSOCIATION GRAND-DUCALE DES MILITAIRES ET ANCIENS MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS

- Société de Secours Mutuels affiliée à la FNML -  
(Fédération Nationale de la Mutualité Luxembourgeoise)

Nr 1. - 2017



Sous le Haut Protectorat de  
S.A.R. le Grand-Duc Henri

# De Lëtzebuerger Militär an Ex-Militär

ORGANE DE L'ASSOCIATION GRAND-DUCALE  
DES MILITAIRES ET ANCIENS  
MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS



## Inhaltsverzeichnis

Editorial	3
Invitatioun	6
Programme vun der Assemblée Générale Ordinaire	7
Membres décédés en 2016	8
Membres recrutés en 2016	9
Bilan 2016	10
Lëtzebuerger Militär-Aviatioun vu 1957 bis 1967	12
Historischer Rückblick auf das Heilig-Geist Plateau	16
Promesse solennelle	22
Page Interamicale	24
Musikparade 2017	25
déi läscht Säit	27



SESSIOUN VUM  
26. JANUAR 2017

4



## Impressum

### Editeur:

Association Grand-Ducale des Militaires  
et Anciens Militaires Luxembourgeois  
ISSN: 2418-4160

### Rédaction:

Rol GIRRES · e-mail: rolgir@pt.lu  
François KOOS · e-mail: kooscap@pt.lu

### Impression:

Imprimerie HEINTZ



### Régie publicitaire:

PUBLIEST · e-mail: office@publiest.lu

### Méi Sëcherheet fir manner Fraizüegeket.

Dir kennt se sëcher och, di Hotelier mat den Thementëmmeren... Jaipur-Suite, Safari-Lodge, New York Room, Al Hambra Suite... etc. Géif een während enger Woch all Dag d'Zëmmer wiesselen, dann hätt een quasi an där Zäit di ganz Welt besicht...!

Ech hat bei enger vu menge Reesen an Amerika viru bal 20 Joër en Hotel zu Houston/Texas mat 40 esou Zëmmeren kenne geléiert, an all kéier wann ech d'Wuert „Globalisierung“ héieren, dann erënneren ech mech un deen Hotel.

Lo ass d'Symbol vun der Globalisierung awer net esou en Hotel, mee en Internet Knoutepunkt zu Hong-Kong oder zu Moskau, iwwer deen meng Mailer geleet ginn wann ech vun Uespelt e Mail op Dikkrech schécken. Andeems mir vum „globalen Duerf“ schwetzen probéiere mir eis de Begrëff Globalisierung verständlech an uschaulech ze machen, mee et bréngt eis net wierklech weider, well en Duerf grad esou wéineg global ka sinn wéi eng Pandemie lokal ka sinn.

Dovun emol ofgesinn dass en Duerf am Eislëck sengen Awunner ganz aner Liewensbedéngungen- a Qualitéit ka bidden wéi en Duerf am Atlas (Marokko). Villes schwetzt dofir dass déi aus dem Atlas wahrscheinlech all léiwier am Eislëck géife wunnen, mee emgekéiert wär d'Begeeschterung wahrscheinlech net allzegrouss...?! d'Globalisierung stellt eben weder gläich Liewensbedingungen ënnerhalb vun enger Gesellschaft duer, nach tëscht verschiddenen Gesellschaften.

D'Globalisierung, esou liesen an héiere mir all gudde Broutdag, géif eis all notzen. De Produzenten, de Konsumenten, den Exporteuren,

den Importeuren, den Arbechter an de Patroën. Well: Fraien, grenziwwerschreidenden Handel brengt Arbeitsplätzen, méi Ëmsatz a méi Gewënn. Et gëtt also nëmmen Gewënner a keng Verlëierer... ausser déi di net wëlle matmache.

Handel iwwert Grenzen ewech ass awer net eng Erfindung vun der Globalisierung, well dee gouf et schons zur Zäit wéi nach d'Karawannen vum Mëttelmier bis Ostasien iwwert d'Seidestrooss gezu sinn a wéi Frachtschëffer den Handel tëscht der Aler an der Neier Welt ugefang hun.

Dass fir den Handel hautesdags manner Taxen a Steieren ufalen, ass zwar positiv, mee dat heescht awer net dass een doduerch haut méi effektiv a manner personalintensiv wär. Di europäesch Policen an Douanen kontrolléieren zwar haut keng bannescht EU-Grenze méi a sichen net méi primordial no geschmuggelten Zigaretten oder Rolexen, mee si hun trotzdem all missen zolidd personnell „opgestockt“ ginn fir elo Interpol, Europol a Frontex ze verstärken, fir Ambassaden, Fussballmätcher a Chrëschtmarkt ze „beschützen“ an no „Illegalen“ ze sichen, déi ouni Paabeieren duerch Europa reesen, oder fir op Chantieren no Schwarzarbechter a Wanderarbechter ze sichen déi em hire Mindestloun bruecht ginn. D'Konsequenzen vun der Globalisierung mussen also „verwaltet“ ginn an, entgéint de politeschen Sonndesrieden, hält den administrativen Opwand vun dëser Verwaltung nëmmen nach zou ...!

D'Grënn firwat d'Globalisierungsfetichisten un hirer Idi festhalen si folgend:

1. An enger globalisierter Welt ass jiddere fir Alles responsabel,



also faktesch keen fir Näischt..! d'Verantwortung läit bei internationalen Agencen: der UNO, der EU, der OSZE, der NATO, der Welthandelsorganisatioun, der Union vun den afrikanesche Staaten, der arabescher Liga, den ONG'en oder der Weltklimakonferenz, deem Wanderzirkus deen zënter 20 Joër em d'Welt zitt a no engem Plang sicht de Klimawandel opzehalen ...

Zëchtausend Plätzen goufen esou fir kleng a grouss Akademiker geschaf, mat deelweis dëcke Paien awer ouni iergendeen „Mehrwert“...! d'Globalisierung ass eng gigantesch „Arbeitsbeschaffungsmoossnahm“, an dat zemol fir d'Kommunikationsspezialisten, déi elo ronderem d'Auer op der ganzer Welt mat hiresgläichen kommunizéieren, ... iwwer Alles a Näischt a virun allem meeschtens ouni Koordination.

2. Well et eng Zort „optesch Täuschung“ ass déi hëlleft Distanzen ze reduzéieren. Mir sinn deeglech Zeien vun Onglëcker a Katastrophen. Hei eng Terrorattack, do en Erdbeben, eng Iwwerschwemmung oder eng Hongersnout. Mir können eis aussichen wat mir un eis wëllen eruloossen oder net, sief et eng Reportage iwwer d'Biergerkrichsaffer vun Aleppo odert e Blëck an den RTL-Dschungelcamp. Op béide Plätzen gëtt gestridden, gekämpft a gelidden.

A wann quasi direkt virun eiser Nues e puer Verréckter mat Kalashnikov en d'Spektateuren vun engem Rockkonzert hiriichten oder een net manner Verréckten (mat d'ärselwechter reliéiser Iwwerzeegung) e Kamion an d'Visiteuren vun engem Chrëschtmaart steiert, da gi mir direkt beléiert dass esou eppes hautesdags an eiser globaliséierter Welt iwwehall ka passéieren an dass trotzdem d'Probabilitéit bei engem terroristeschen Attentat ëm d'Liewen ze kommen awer nach ëmmer vill méi kleng ass wéi an engem Autosaccident ze stierwen. Dat berouegt jo awer immens, gell...?? Globaliséierung a Relativéierung si

kee Widdersproch, nee, si ergänze sech...! Géif d'Globaliséierung just dora bestoen dass een Dikkrecher Béier zu Palma an australesche Chiraz zu Gréivemacher, dass ee Kachkéiss zu Chicago an Miller Béier am Pommerlach kritt, da wär dat eng prima Sach. Wann et awer virun allem bedait dass déi villgerühmte Fräizüegeket am Persounen- a Gidderverkéier dem internationalen Terrorismus an der organisierter Kriminalitéit d'Operéieren erliichtert, da wär mir perséinlech manner Fraizüegeket beim „iwwert d'Grenz goen“ a méi Secherheet op eise Schoulhäff, op der Gare oder um Chrëschtmaart léiwer...!

An esou ass et net verwonnerlech dass di national Identitéit a Kultur, den „Doheem“ an den „Sécher a menge 4 Wänn“ e Revival mecht. Ech warde just op di éischt fischte Diiren mam Schéld „Globaliséierungs- a Multikultifräi Zone“. Da wärt et neess vill méi oft doheem no Ierzebulli oder Judd mat Gardebounen richen an eis Mailer transitéieren just nach via Knappouschent...

Ech awer fueren op Houston/Texas, do ginn et anscheinend nei Themenzëmmeren..., vläit ass jo och eng „Schlënnermanesch-Suite“ drëner...

**Rol GIRRES**  
Adjutant-Major Hon.  
Präsident

## Sessioun vum 26. Januar 2017





# artfac

L'ART DE LA FACADE



14, Zone Artisanale op Zaemer  
L-4959 BASCHARAGE

**Tél.: 50 43 14**

**Fax: 50 43 18**

Façades isolantes - Bi-couche / Traditionnel - Plafonnage

*artfac*lu@hotmail.com

**www.artfac.lu**





## De Sondeg, den 23. Abrëll 2017,

feiert ons Associatioun de Gebuertsdag vun onsem Héien Protektor, dem Groußherzog Henri.  
Mir bieden duerfir all ons Memberen, Éirememberen a Frënn un dëser Feier deelzehuelen.

### PROGRAMM:

- um 11.15 Auer: Feierlechen Déngscht an der Méchelskierch, der fréierer lëtzebuenger Garnisounskierch, besonnesch als Erënnung un ons gefalen a verstuerwen Komeroden. D'Mass gëtt musikalesch verschéinert duerch d'Militärmusek.
- duerno: Nidderleeën vu Blummen beim «Monument aux Morts de la Force Armée» um Kanounenhiwwel.
- um 13.00 Auer: Banquet am PARC HOTEL (Alvisse Parc Hôtel) zu Lëtzebuerg/Dommeldéng mat uschlëssender Generalversammlung

Dëst Joer steet Iech vum PARC HOTEL aus, eng gratis Navette zu Verfügung, déi Iech bei d'Méchelskierch féiert a vun der Gëlle Fra zréck bréngt. Wann Dir déi Navette an Usproch huet, sidd Dir gebieden Iech onbedéngt beim Kolleg Léon Sunnen anzeschreiwen, an zwar iwwer e-mail: lsunnen@pt.lu oder Tel.: 621 393 730.

**Départ vun der Navette um Parking vum Parkhotel: 10.45 Auer.**

### APÉRITIF

(11.30 - 13.00 Auer)

Selon la demande - paiement individuel

### BUFFET FROID D'ENTRÉES:

Saumon fumé · Jambon cru et cuit · Saucisse luxembourgeoise · Pâté Campagnard · Œuf à la russe  
Tomate au thon · Salade de pommes de terre · Salade de pâtes · Salade de céleri · Salade de carottes

\*\*\*

### MENU

NOIX DE VEAUX RÔTIE À LA FINANCIÈRE

\*\*\*

POMMES CROQUETTES ET LÉGUMES DE SAISON

\*\*\*

TARTE AUX POMMES

\*\*\*

CAFÉ AVEC MIGNARDISES

**Käschtepunkt: 40,00 € fir Memberen an Éirememberen - 50,00 € fir Net-Memberen**

*(Vins blanc, rouge, rosé et soft drinks, bière et eau minérale compris durant le repas)*

D'Iwwerweisung vun der entsprecher Zomm, bis spéitstens den 14. Abrëll 2017 op de Postscheckkonto Nr. IBAN LU23 1111 0116 1774 0000 vun der „Caisse d'Organisation des Militaires et Anciens Militaires Luxembourgeois“ gëlt ausschliesslech als Umeldung. Den Numm vu allen Eenzelen, déi um Iessen deelzehuelen, ass unzeginn.

De Comité



Nous prions les membres de  
«l'Association Grand-Ducale des Militaires et Anciens Militaires Luxembourgeois» d'assister à

## **L'ASSEMBLÉE GÉNÉRALE ORDINAIRE**

qui aura lieu dans les salons du

**PARC HOTEL, Luxembourg-Dommeldange**  
(Alvisse Parc Hotel)

**dimanche, le 23 avril 2017 à 15.00 heures**

### **ORDRE DU JOUR**

1. *Ouverture de l'Assemblée Générale Ordinaire par le président*
2. *Allocution du président*
3. *Rapport du secrétaire*
4. *Rapport du trésorier*
5. *Rapport des réviseurs de caisse*
6. *Décharge à donner aux membres du comité*
7. *Remise des médailles de mérites de l'association*
8. *Admission de nouveaux membres*
9. *Élections du Président de l'Association:*  
*Le mandat de M. Roland GIRRES vient à l'expiration et est rééligible*
10. *Élection partielles de membres du comité:*  
*Les mandats de MM. Léon SUNNEN et Gilbert WOHL viennent à expiration et sont rééligibles*
11. *Élection de 3 réviseurs de caisse*
12. *Élection de 3 membres suppléants*
13. *Divers*
14. *Clôture de l'Assemblée Générale Ordinaire par le président.*

**Les candidatures pour le comité sont à adresser par écrit au plus tard  
pour le 14 avril 2017 au Président de l'Association  
Monsieur Roland GIRRES, 25, Op der Sank · L-5713 Aspelt**

En espérant vous accueillir à l'Assemblée, nous vous prions d'accepter, chers membres, l'expression de nos sentiments les meilleurs

Le Comité



## Membres décédés en 2016 et antérieurement

▶ Monsieur	Jos	BERG
▶ Monsieur	Frédéric	BETZ
▶ Monsieur	Emile	BOUQUET
▶ Monsieur	Lucien	BOVE
▶ Monsieur	Joseph	COLLING
▶ Monsieur	Fred	DENTER
▶ Madame	Joséphine	DICKES-FAUTSCH
▶ Monsieur	Roger	EICHER
▶ Madame	Eléonore	ERPELDING-DELOOS
▶ Monsieur	André	FLESCHE
▶ Madame	Denise	FRIEDERICHS-ERNZEN
▶ Monsieur	Emile	GLESNER
▶ Madame	Cécile	GODART-FISCH
▶ Madame	Anne	GRETHEN-THILMANY
▶ Monsieur	Fernand	GRÜN
▶ Monsieur	Ernest	HENGESCH
▶ Madame	Marie	HENGESCH-FOETELER
▶ Monsieur	Emile	HUBERTY
▶ Madame	Alice	JACOBY-LUDWIG
▶ Madame	Marianne	KOENIG-DURANT
▶ Monsieur	Guy	LEICK
▶ Madame	Cécile	LENTZ-WIES
▶ Madame	Sandra	LEPAGE-BONIFAS
▶ Madame	Joséphine	MEYER
▶ Monsieur	René	MOES
▶ Madame	Margot	PROSPERT-SCHMIT
▶ Monsieur	Eugène	REIFF
▶ Monsieur	François	REUTER
▶ Monsieur	Georges	REUTER
▶ Monsieur	Camille	ROCK
▶ Madame	Edith	SCHMIT-SCHWIND
▶ Madame	Marie	SCHMITZ-BODE
▶ Monsieur	Joseph	SCHOETTERT
▶ Monsieur	Guy	SCHWARTZ
▶ Madame	Marie	SPIELMANN-LEIDER
▶ Monsieur	Marc	STEINMETZ
▶ Madame	Marie	STREITZ-STREFF
▶ Monsieur	Jean-Pierre	THULL
▶ Madame	Alice	WAHL-PELTIER
▶ Monsieur	Jean-Joseph	WEIS
▶ Monsieur	Roger	ZIGRAND





## Nouveaux membres 2016

▶ HUBERTY Fernande	honoraire	L-2739 Luxembourg
▶ BONNE Nathalie	honoraire	L-9125 Schieren
▶ KIESCH Anne	associée	L-9357 Bettendorf
▶ KARGER Xavier	honoraire	L-8085 Bertrange
▶ GLOD René	honoraire	L-7664 Medernach
▶ MILLIM André	affilié	L-3638 Kayl
▶ SCHAUVLIEGE Kris	honoraire	B-1140 Evere
▶ WARNIER Wally	honoraire	L-4972 Dippach
▶ KOOS Francois	affilié	L-8314 Capellen
▶ CASTRO LOPES SANTOS Vera Monica	honoraire	L-2174 Luxembourg
▶ KREB Christelle	honoraire	L-4936 Bascharage
▶ BESSELING Sarah	associée	L-8832 Rombach/Martelange
▶ BECK Joseph	honoraire	L-5447 Schwebsingen
▶ KIRPES Christian	affilié	L-8355 Garnich
▶ TINTINGER Jean-Pierre	affilié	L-3850 Schiffflange
▶ MONGELLI Alessandro	associé	L-5711 Aspelt
▶ HAMM Morena Maisy	honoraire	L-1466 Luxembourg
▶ SCHERER Marianne	honoraire	L-8184 Kopstal
▶ SCHMIT Henri	affilié	L-4670 Differdange
▶ BIWER Ines	honoraire	L-4319 Esch/Alzette
▶ GRAFF Pascal	affilié	D-54668 Holsthum
▶ SCHOUG Jos	affilié	L-9357 Bettendorf
▶ KIEFFER Chantal	honoraire	L-7381 Bofferdange
▶ REISER Paul	affilié	L-7662 Medernach
▶ ROLLINGER Werner	affilié	L-1448 Senningerberg
▶ ERNST Henri	affilié	L-2738 Luxembourg
▶ CARELLE Denise	honoraire	L-3453 Dudelange
▶ NOGUEIRA CARDOSO TEXEIRA Deolinda de Jesus	honoraire	L-4630 Differdange
▶ HARDT Patrick	associé	L-9353 Bettendorf
▶ DOORNBUSCH Maurice	associé	L-9144 Lehrhof
▶ THILL Sam	associé	L-1915 Luxembourg
▶ BECK Sylvain	affilié	L-5495 Wintrange
▶ VARELA FESTAS DOS SANTOS Jacinto João	honoraire	L-2420 Luxembourg





### Association Grand-Ducale des Militaires et Anciens Militaires Luxembourgeois

**Bilan 2016 - 01.01.2016 au 31.12.2016**

<b>Recettes</b>	▶ Cotisations Membres .....	27.286,00 €
	▶ Dons .....	3.487,00 €
	▶ Rachat .....	480,00 €
	▶ Subside .....	293,10 €
	▶ Divers .....	76,00 €
	▶ Remboursement A.G. Parc Hôtel .....	1.195,00 €
	▶ Intérêts au 31.12.2016 - <b>BCEE</b> .....	25,08 €
	▶ <b>TOTAL Recettes 2016</b> .....	<b>32.842,18 €</b>

<b>Dépenses</b>	▶ Primes de naissance (1 x 120,00 €) .....	120,00 €
	▶ Indemnités funéraires (29 x 600,00 €) .....	17.130,00 €
	▶ Loyer (12 x 52,06 €) .....	624,72 €
	▶ Périodique et Site amam.lu – activation .....	891,66 €
	▶ Frais de Port et Imprimerie .....	2.197,57 €
	▶ Frais d'administration .....	4.800,00 €
	▶ Cotisations 2016 - FNML et Remboursements .....	632,58 €
	▶ Divers .....	1.784,70 €
	▶ A.G. 2016 .....	1.470,00 €
	▶ <b>TOTAL Dépenses</b> .....	<b>29.651,23 €</b>

▶ Avoir au <b>01.01.2016 - CCPL et BCEE</b> .....	<b>225.164,08 €</b>
▶ Total des recettes A. M. A. M. en <b>2016</b> .....	<b>32.842,18 €</b>
▶ Total des dépenses A. M. A. M. en <b>2016</b> .....	<b>29.651,23 €</b>
▶ Avoir au <b>31.12.2016 - CCPL et BCEE</b> .....	<b>228.355,03 €</b>

#### Répartition des AVOIRS de la Mutuelle au 31.12.2016


▶ Compte chèques postaux .....	<b>10.149,61 €</b>
▶ Banque et Caisse d'Épargne de l'État .....	<b>218.205,42 €</b>
▶ Résultat total .....	<b>228.355,03 €</b>

**Réviseurs de Caisse:** Monsieur Fernand FROEHLING, Monsieur Edmond MULLER, Monsieur Pierre BACK  
**Trésorier:** Monsieur Romain BONNE

PRÊT+

Infos & conditions sur  
[www.bcee.lu/pretplus](http://www.bcee.lu/pretplus)

Une solution de financement  
pour chaque situation.



Vous prévoyez une dépense importante, vous souhaitez disposer d'une réserve en cas d'imprévu ou de coup de cœur, vous avez besoin d'une facilité de crédit? Prêt Plus s'adapte à chaque situation.



SPUERKEESS

Àert Liewen. Àr Bank.

spuerkeess

Service et Caier d'Espagne de l'Etat,  
Luxembourg, établissement public autonome,  
11 Place de Metz, L-1014 Luxembourg,  
R213, Luxembourg 8 2015  
[www.bcee.lu](http://www.bcee.lu), tel: (+352) 4614

café - restaurant

# Um Grill



Fermé le jeudi

4, rue de l'Esplanade  
L-9227 DIEKIRCH  
Téléphone 80 94 87

les  
Jardins  
d'Alysea  
Le 5 étoiles des soins



Fleegeheim  
KRAUTEM



**Mir bidden en Waarmhärzege  
an raffinéierte Kader mat héijer Qualitéit**

En kuerzen oder en permanenten Openthalt

Personaliséiert Betreuung

Eng Gourmet-Kichen zoubereet  
vun eisen Kiche Cheffen

Alldeeglech an verschidden Aktivitéiten

**Am Mee 2017, ass d'Erëffnung vun eisen neien  
Appartementer an Zëmmeren.**

Fleegeheim Les Jardins d'Alysea

48, Hellengerstrooss / L-3327 KRAUTEM - ☎ 27 12 93-1 - [www.alysea.lu](http://www.alysea.lu)

Photo : Alysea • [www.123-media.com](http://www.123-media.com)

# Lëtzebuenger Militär-Aviatioun vu 1957 bis 1967

## Korrekturen zum 1. Deel:

Technesch Donnéeën:

**Fluch Vitesse: ± 161 km/St (87 kts)**

D'Ausbildung vum Personal: **GOSSONCOURT**

Et feelt deen heite Saz:

1 Mécanicien hellt Deel um „Cours de Mécaniciens ALAT” zu BOURGES (Frankräich)<sup>8</sup>.

## 5. Identifikatioun a Markéierung

Referenzen heizou si verschidden Gesetzer, Règlement Grand-Ducal Règlement Ministériel. Dës definéieren op eng generell Aart a Weis wou a wéi déi verschidden Zeechen op de Fligereen un ze brénge sinn. Ginn Gréisst a Form vun de Buschtawen fir d'Immatriculatioun hei méi exakt festgehal, esou feelt trotzdem all Referenz op d'Faarf, genee wéi et och keng Präzisioune ginn wéi déi eenzel Emblèmeer auszegesinn hunn (dat geschitt réischt mam Gesetz vum 23. Juni 1972). Duerfir ginn dës Referenzen och éischter als Richtlinn geholl.

Et ass leider och net méi eraus ze fannen wou den Ursprong läit vun all den Emblèmeer a wien se entworf huet, hei ass sech sécher bei den auslänneschen Air-Forces orientéiert ginn. Arméi-Ënnerlagen ginn et heizou och keng, ausser e puer Biller aus engem sougenannten „air-force recognition leaflet” ouni Deckel aus de 50-60er Joren (esou dass et och net méi méiglech ass fir erauszefannen wien dat erausginn huet). Un Hand vun Photoen aus der jeeeweileger Zäitspan an Kontakter mat eenzelne Leit déi nach an der SAL waren an direkt mat de Fligereen ze dinn haten, ass et trotzdem gelongen fir esou no wéi méiglech un d'Realitéit ze kommen.

## Den Ufank: 1957

1957 ginn d'Fligereen an enger kaki/gréng-oliv Grondfaarf geliwwert.

Op deenen zwou Säiten, tëschent der Motor Klapp an der Dier („Cowling”) steet a schwaarze Buschtawen vun 1 Zoll Héicht d'Unitéit där de Fliger gehéiert:


**GTR/LU/AVN**

(Groupement Tactique Régimentaire/  
Luxembourg/Aviation)


No der Opléisung vum GTR am Joer 1959 koum dës Schrëft nees ewech.

Op béide Säiten vum Romp (Fuselage), war e sougenannten „Air-force roundel” (Kokarde) vun ongeféier 75 cm Duerchmiesser - e bloe Krees an deem e roude Léif op wäissem Hannergrond ze gesinn war:

Backbord



Steierbord



Eigentlech hätt missten de roude Léif ëmmer op d'Nues vum Fliger kucken, verschidde Photoen weisen awer, dass op der Steierbord Säit vun LX-FAA an LX-FAC de Léif no hannen kuckt (sécher well d'Schabloun falsch op geluecht gi war).


Deeselwechten Rondel war op der ieweschter an op der ënneschter Säit vum Steierbord-Flillek ofgemoolt. Op der Backbord Säit ass de Rondel uewendrop an d'Immatriculatioun steet a schwaarze Buschtawen (Héicht: mindestens 50 cm) op deem ënneschte Flillek. Et ginn trotzdem nach vereenzelt Photoen wou dëst nees komplett aneschtens ass.

Op der Schwanz Floss gesäit een e véiereckegen Fändel an deem d'Faarwen diagonal gemoolt waren (± 30 x 30 cm):

Backbord



Steierbord



Dodriwwer steet déi national Immatriculatioun a schwaarze Buschtawen vun ongeféier 20 cm Héicht:

<b>LX</b>	Luxembourg
<b>FA</b>	Force aérienne
<b>A</b>	Opzielung

<sup>1</sup> Mémorial A-11 (14/02/48) – A-24 (16/04/48) – A-31 (16/08/61) – A-6 (15/02/62) – A-75 (23/10/64)

<sup>2</sup> Mémorial A-51 (16/08/72)

## 1958

Ab 1958 ginn d'Fligeren dunn komplett mat Tarn Faarwen an -Schemen (gréng, brong, schwaarz) iwwerzunn. Déi schwaarz Faarf fir d'Immatrikulatioun op der Schwanz Floss an um lénke Flillek gëtt duerch eng Wäiss ersat.

## 1962

Vun 1962 un gëtt och am Militär Beräich de Règlement Ministériel méi strikt applizéiert. D'Immatrikulatioun op der Schwanz Floss gëtt op d'Säiten vum Fuselage verluecht, giel Buschtawen (mindestens 30 cm héich) stinn elo niewent dem Airforce roundel genee wéi och ënnert dem Backbord Flillek. Déi 3 Fligeren ginn awer net all zur gläicher Zäit ëm gemoolt, dëst well se onregelméisseg am Asaz waren a geflunn sinn.



Collection Marc TANZ

## 1964/65



Den 21. Dezember 1964 gëtt d'Artilleriebataillon „combat ready“ deklariert an offiziell an déi amerikanesch 8th U.S. Infantry Division opgeholl, déi sech zu BAUMHOLDER an Däitschland befënnt. Kader an Zaldoten vun der Artillerie dierfen vun elo un de Badge vun der 8th U.S. InfDiv zousätzlech op der Uniform droen.

Déi faméis 8 mam giele Feil op bloem Grond fënnt hire Wee och an d'Aviatioun, mee just den LX-FAA kritt dese Logo op déi 2 Säite tëschent Dier a Motor Klapp (Cowling) gemoolt.

Verschiede Photoen weisen eis Avionen och nach mat zousätzlechen 3 giele Sträifen op all Flillek an/oder enger einzelner um hënneschten Deel vum Romp. Dëst sinn Erkennungssträifen fir den Artilleristen ze weisen, dass et sech ëm e „frëndlechen“ Fliger handelt a fir ze vermeiden dass net absichtlech géif op si geschoss ginn.

<sup>3</sup> Historique - Livre d'Or Premier Bataillon d'Artillerie de l'Armée Luxembourgeoise (1967)

<sup>4</sup> [www.classicwarbirds.co.uk/articles/the-history-of-invasion-stripes.php](http://www.classicwarbirds.co.uk/articles/the-history-of-invasion-stripes.php)



Collection Fr. KOOS

Wéinst de Camouflagefaarwen konnt een de Fliger net gutt erkennen, zemools wann en déif geflunn ass an den Horizont e Bësch war. Den Ursprung vun dese Sträifen waren déi sougenannten „Invasion-stripes“ déi op den alliierten Fligeren zanter dem D-Day gemoolt waren („were meant to recognition by friendly forces and to reduce losses from friendly fire“).

Op der Schwanz Floss gëtt de „Militärfändel“ duerch den nationalen rout-wäiss-bloe Fändel ersat. Prinzipiell op den zwou Säiten, mee eenzel Photoen weisen op där enger Säit deen Een, op där anerer Säit deen Aneren (verschidden beim LX-FAA an LX-FAC).

Esou gesinn d'Fligeren nach aus wéi 1967 den obligatoreschen Militärdéngscht ofgeschafft gëtt.

**Roland RACH**

3. a leschten Deel an der nächster Editioun



Collectioun: M. TANZ



Collection: M. TANZ



©BarryHardy@NA3T

Collection: M. TANZ



Collection Marc TANZ

## DA COSTA ALMEIDA S.A.R.L. TRANSPORTS

Z.A.R.E Ilot Ouest 34  
L-4384 EHLERANGE

Tél.: 26 58 05 02 - Fax: 26 58 05 11  
GSM: 621 15 69 40 / 621 13 77 35

E-mail: cleonel@pt.lu



## GLOBAL JET

LUXEMBOURG

33, rue de Gasperich  
L-5826 Hesperange

Tél.: 49 80 89

info@globaljetlux.com  
www.globaljetlux.com



**SCANIA LUXEMBOURG S.A.**

Z.A Syrdall 3  
23, Rue Gabriel Lippmann  
L-5365 MÜNSBACH  
Tél. : +352 34 18 11 - 1  
Fax : +352 34 18 12

Z.I. Um Monkeler  
L-4149 SCHIFFLANGE  
Tél. : +352 34 18 11 - 60  
Fax : +352 26 17 55 26

**SCANIA**

**RFC** s.à r.l.  
( Anc. R.Fioretti - Coutellerie )

**"KNIVES & MORE..."**

Gérant : Raoul Fioretti

RFC s.à r.l. - 21, rue de la Forêt - L-3643 Kayl ( Luxbg. )  
Tél. : ( +352 ) 56 62 09 - Fax. : ( +352 ) 56 33 64  
www.knives-rfc.lu - E-mail : rfc-coutellerie@vo.lu  
TVA : LU23920360



**RESTAURANT SUDAMERICANO**

2, route de Finsterthal - L-7769 Bissen  
Tél: 26 88 51 35 - Fax: 26 88 72 35  
www.elgaucho.lu-gaucho@elgaucho.lu

Ma-Ve: 12h00-15h00 • 19h00-00h00  
Sa-Di: 19h00-00h00 • Lundi: fermé

Réservations uniquement par téléphone!

www.annickmersch.com

bijoux



annick mersch

42, rue d'Echternach  
L-6550 Berdorf  
Tel: 00352 799616  
info@annickmersch.com

**PROCHAIN ARRÊT:  
NATURE**

**29,00** EURO  
3 SPRACHEN  
LANGUES  
LANGUAGES



**PLUS DE 1000 KM D'ITINÉRAIRES  
PÉDESTRES ET CYCLABLES  
D'UNE GARE À L'AUTRE.**

Disponible en librairie et  
aux points de vente CFL.  
**WWW.CFL.LU**

**CFL**  
MIR BRÉNGEN IECH WEIDER

**WILTZ**

Visitez le Musée National d'Art  
Brassicole et de la Tannerie  
au Château de Wiltz



**Wiltz**  
Capitale des Ardennes

**Tourist Info**  
Syndicat d'Initiative Wiltz  
Tourist Info Wiltz  
35, rue du Château • L-9516 Wiltz  
Tél: (+352) 95 74 44 • E-mail: info@touristinfowiltz.lu

www.touristinfowiltz.lu



# Ein historischer Rückblick auf das Heilig-Geist Plateau

10 Uhr morgens, herrliches Wetter, wir hatten uns im oberen Kasernenhof der früheren Heilig-Geist-Kaserne eingefunden um in knappen zwei Stunden ein letztes Mal durch dieses geschichtsträchtige Viertel der Stadt Luxemburg zu schlendern.

So wie die meisten Luxemburger kennt fast keiner diesen Teil der alten Festung, da das Plateau einerseits als ehemaliges Militärgelände lange Jahre nicht jedermann zugänglich war und andererseits nach der Öffnung so trostlos aussah, dass kaum jemand diesem abgeschriebenen Stadtviertel Beachtung schenkte.



## Die Ursprünge im Mittelalter

Lange Zeit lag das Plateau außerhalb der Stadtbegrenzung, die am Anfang nur das Fischmarktviertel umfasste. Die erste aus Stein gebaute Mauer reichte damals bis zum Knoudler. Heute deutet dort noch die Bezeichnung um Gruew auf den alten Graben dieser um 1200 entstandenen Stadtmauer hin. Erst Johann der Blinde begann eine größere Ringmauer zu bauen, die dann auch eine komplette Ummauerung des Heilig-Geist-Plateaus einleitete. Wenzel II gab einem Teil dieser Mauer ihren Namen, nachdem sie im 15. Jahrhundert beendet war.

Das Plateau war aber schon vorher nicht ungenutzt geblieben. Ein Kloster, das spätere Heilig-Geist-Kloster, wurde dort unter Gräfin Ermesinde ab 1234 erbaut. Befolgt die Bewohnerinnen, meist adelige Damen, anfangs die Regeln der Büsserinnen der heiligen Maria-Magdalena, so unterstanden sie ab 1257 den Ordensregeln der heiligen Clara.

Ebenfalls wurde dort jährlich ein Markt, d.h. eine Messe abgehalten. Diese war der Ursprung der heutigen Schobermesse, deren Name eine Abwandlung der damaligen Bezeichnung des Plateaus Schadeburg ist. Die sogenannte Wenzelmauer (die letzte mittelalterliche Ringanlage) stieß unten im Tal, am Zusammenfluss der Petrus und der Alzette, an den Felsen, um dann oben auf der Anhöhe in Richtung der heutigen englischen Botschaft, den Felsen im Süden zu begrenzen. So wurde damals das Plateau mit dem Kloster in die Mauern der Stadt einbezogen.

Dann, als Luxemburg immer stärker zum Zankapfel zwischen den damaligen Mächten – Frankreich und Spanien – wurde, wuchs die befestigte Stadt zu einer riesigen Festungsanlage. Zum Vergleich: die Stadt hatte am Ende der Festungszeit (1867) eine Fläche von ungefähr 120 ha, während die Festungsanlagen 180 ha Land umfassten.

Das Heilig-Geist-Plateau wurde nach und nach militärisch ausgebaut, um ab dem 17. Jh eine trotzig Zitadelle, mit einer für die Bewohner der Stadt geschlossenen Kasernenanlage, zu werden.

## Das befestigte Plateau wird zur Zitadelle

Die Spanier, seit dem 16. Jahrhundert in Ansicht der französischen Bedrohung, umbauten ab Mitte des 17. Jahrhunderts den Felsen mit hohen Wallmauern und insbesondere mit den damals neuartigen Bastionen – Bastionen waren den Mauern vorstehende Ausbauten auf denen Kanonen aufgestellt werden konnten. So entstanden die Grundlagen der „kleinen Bastionen“, der Rondellen, der späteren Grundschleusen, Heilig-Geist- und Louis-Bastionen, sowie des zentralen Kavaliere.

Weniger bekannt ist, dass die Spanier schon eine erste Kaserne in Form von „Baracken“ auf dem Plateau errichtet hatten. Dies war damals bemerkenswert, da zu jener Zeit das Militär, Offiziere und Soldaten, bei den Bürgern einquartiert wurden.



Ab 1684 verwirklichte dann Vauban, der berühmte französische Festungstürmer und Festungsbauer, seine Pläne auf dem Plateau. Die Wälle wurden verstärkt, erhöht und weiter ausgebaut. Die meisten Mauern des Plateaus von heute, sehen denen von damals sehr ähnlich, nur ein bisschen niedriger oder eben nur noch in Bruchteilen und ohne Erdwälle. So verstärkte und erhöhte Vauban die Mauern auf der Seite des Grunds oder des Alzettetales.

